



déi gréng Kielen  
2, am Pammelt  
L-8390 Nospelt  
kielen@greng.lu

Nospelt, de 14. Juli 2023

Schäfferot vun der Gemeng Kielen  
15, rue de Mamer  
L-8280 Kielen

Dir Hären,

Mir gréng an ech perséinlech als Member vun der läschter Schoulokmissioun ware frou ze héieren dass dir géift drun denken fir d'Schoulokmissioun e beschen ofzespecken. An der leschter Sitzung vun der Schoulokmissioun (cf. Rapport vun der Réunioun vum 3. Juli 2023) gouf vum Präsidant proposéiert dass an Zukunft nach just 4 Memberen (niewt dem Präsidant natierlech) vum Gemengerot géifen definéiert ginn an dann eben och nach 4 Memberen vun dem Léierpersonal mat den Elterevertreieder zesummen géifen an der Schoulokmissioun matschaffen, sou wéi d'Gesetz vum *6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental* et a sengem Artikel 51 virgesäit.

Erlaabt eis an deem Sënn eng Proposition ze maachen wat de Choix vun deene 4 Leit déi vum Gemengerot bestëmmt ginn, ugeet:

Mir hunn momentan 4 verschidde Parteien an eisem Gemengerot sëtzen; et läit do dach bal op der Hand dass all Partei 1 Vertreieder kéint als een vum Gemengerot gewieltene Vertreieder an der Schoulokmissioun proposéieren fir de Vote am Gemengerot den 22. September 2023.

An der Schoulokmissioun gëtt souwiesou keng partei-politesch Aarbecht gemeet, mee et gëtt am Intérêt vun eise Kanner an dem Léierpersonal an de Schoulen eng ganz wäertvoll Aarbecht gelescht.

Fir déi gréng Kielen, mat beschte Gréiss,

Bonifas Larry  
Conseiller communal  
Präsident vun der Lokalsektioun